




## ‘Eise’ REENERT

Firwat dann elo ‘eise Reenert’? Mä well dem Michel Rodange seng Versioun vun deer Fuussegeschicht eng ganz aner ass wéi z.B. dem Goethe säi ‘Reinecke Fuchs’. **De ‘Bélleger Jong’ setzt seng Geschicht an seng Zäit; dat heescht, eng Period, an deer et hei am Grand-Duché ëm d’Existenz vum Land gaang ass..** wat der nun emol net allzevill ‘drop hunn’.

Wien e bëssen an eis Geschicht vun ëm 1870 krouwle geet, dee fënnt Lëtzebuerg matzen am Zentrum vum Gewibels an dem Krich tëscht ‘Däitschland’ a Frankräich – mä am Fong tëscht dem Bismarck an dem Napoleon III – deen Händelchen erëm, deen den hollänneschen Oranier Wëllem III fir Lëtzebuerg mam ‘Naboléon (nabot)’ uitgemaach hat, wéi de Spottvull Victor Hugo den deemolege franséische Keeser genannt huet. Ënnert dem Stréch kënn een am Fong soen, datt mir deemools eis Souveränitéit dem ‘Eisene Kanzler’ Bismarck ze verdanken hunn. Gelungen? Ower wouer.

vum Lex Roth



De Michel Rodange war e fläisseg Zeitungslieser, an hien huet sech Suergen ëm säi Land gemaach... wat ee verwonnerlecherweis net esou vum Dicks behaapte kann, obschonn deen duerch säi Papp (Gouverneur!) direkt vun deer éischer Quell komm ass; dem Edmond de la Fontaine gong et an der Haaptsaach éischer ëm liichtgekleete wonnerléiwe Spunnes mat genësseger Musek.

**Eise ‘Klassiker’ Reenert kann een also op méi wéi eng Déieregeschicht-Manéier liesen:** als en Iwwerdroe vum nidderlännesche ‘Reynarde de Vos’ an dem Goethe säi ‘Reinecke’, deenen hire Fong jo erëm d’Fabele vum La Fontaine sinn, deen des kleng Geschichten als Éischten a Verse gesat huet; wat hien an sengem éischte Band als ‘Fables d’Ésope, mises en vers par M. De Lafontaine’ éierlech zouginn huet. Et ass also keng ‘Schan’, de Reenert an des Gedanke-ree ze setzen.

**De Reenert, de Reinecke Fuchs, grad ewéi de ‘Reynarde Vos’ sinn deemno zum groussen Deel näischt anescht wéi eng poetesch Verstréckung, e Konglomerat vu Fabelen.** Just beim Reenert hunn si ower en zäithistoreschen Aschlag, nieft hirer allgemeng mënschlecher a moralescher Säit. Dofir schéngt et kloer, datt dem Rodange säi Meeschterwierk ower **keng Saach fir déi 3 ënnescht Klasse vum Sekundärunterricht** ka sinn; dat sinn éischer **d’Fabelen als Virbereedung op ‘eise Reenert.** Mam Explizéieren a Léiere vun eenzele Fabele entwéckelt sech dann zesoen automatesch den néidege Verstand vum Reenert an deene méi héige Klassen.

Dës Iwwerleeung war och mat dobäi, wéi äre Schreiwert sech un d’Upasse vu eiser Sprooch un d’Weltklassiker ‘Fabele’ ginn huet. Bis elo sinn si an 3. Editioun, an hu vun enger ganzer Partie kompetente Leit (z.B. Leopold Hoffmann a Raymond Schaack) déi allerbeschten ‘Zensur’ kritt. **Dir fannt d’Fabelen, vläicht och fir eng Klass, a jidder guddem Bichebuttek.**

## Studentenzeitung ZOOM

De 25. Oktober, liesen a kucke mir dann (am WORT) **eng éischt a säitevoll Nummer vun der Studentenzeitung ‘ZOOM’... komplett op Lëtzebuergesch.** En dräiduebele BRAVO! Wann eiser Sprooch op enger Plaz eppes immens wichteg Guddes ka geschéien, dann ass et an engem Press-Organ vun intellektuelle Leit vu mar; et ass iwergens och e formidabile Bewäis fir d’Berechtigung vum neie Sproochartikel an eiser Constitutioun, deen zënter dem 1. Juli a Kraaft gaang ass.

**Dat weist zerguttst an d’Zukunft fir d’Nationalsprooch** vun eisem Land... guer net géint eng aner, mä och op eis beneidenswert Sproochsituatioun. Et ass dach wonnerbar, datt jonk Leit vun hei an egal watfir engem Land rondrem akademesch Studië maache kënnen, wat en Däitschen oder Fransous net esou mirnäischt/irnäischt am Frankräich, der Belsch oder Däitschland/Éisträich kënnen; datselwecht gëllt fir d’Englescht asw. Ok, et geet och ëm d’Sproochqualitéit vun den aneren Idiomen; ower un deer léisst sech viles an d’Rei maachen; d’Fonge sinn op deer Breet eemoleg uechter d’Welt!

## Mir denken dacks net drun.

Déi allermeescht vun äis hunn sech dru gewinnt, ze ‘mengemengemengen’, eis Sprooch wier jo ower bal nëmme däitsch; do hu mir jo dee flotte Saz: **Wie mengt, dee weess näischt... oder denkt net weider no.**

**Wann s du dech net gëss, kriss d’eng op de Bak/d’Schnëss – ech sinn net vill ëm dee Jong – deen huet se net all – den Heng ass dolaanscht/schauten – ech hu mech geschréipt – pack dech dach – ech hu mir eng ginn – do hues du dech fatzeg gestouss – hal däin domme Bak – a wann s de net gees, asw.!** ...deer Ausdrocksweise gëtt et am Lëtzebuergesche mat den Dosenden; ower mir sinn äis dees d’meescht net bewusst. Do geet en einfachen Dictionnaire nun emol net duer; mir bräichten e Bichelche mat spezifesch lëtzebuergeschem Wuertschaz an typesch eiser Sätz, déi sech net einfach riichtwech op däitsch eriwwer ‘quëtsche’ loossen.

An eisem fläissegem ‘Zenter fir d’Lëtzebuenger Sprooch (ZLS)’ hätte mir dichteg Leit genuch, fir sech eenzel oder als Grupp un dese spezielle ‘Volet’ vun eisem Idiom ze ginn.

## Merci Tom!

Mir hunn an eisem Comité den Tom Weidig als **Wudderer, décke Schaffert an och dacks net grad kamoude ‘Queeschlek’** kenne geléiert. Wéi hien als Kandidat fir d’Gemeng Lëtzebuerg an d’Chamber ugetrueden ass, war et, no eisem Neutralitéitsprinzip normal, datt hie sech provisoersch aus eisem Comité zréckgezun huet; dat elo natierlech als Gemengeconseiller an Deputéierten definitiv. Mir bleiwen iwverzeegt, datt den Tom eiser Sprooch an deene Fonctiounen, zesumme mat de Sprooch-Frënn aus alle Partie bestëmmt ‘näischt’ schued.

Just nodeem dann elo d’Lëtzebuenger Nationalsprooch – net zugudderlescht duerch eis Actioun-Lëtzebuergesch! – hir fest Plaz um identitäre Fong vun eisem Land huet, si mir iwverzeegt, datt si zerguttst op nationalem an internationalem Plang respektéiert gëtt.

## D’UNESCO an eis Sprooch

Et ass natierlech keng iwvel Saach, datt **déi weltwäit Kulturorganisatioun vun de UNO** kulturhistoresch bedeitend Gebaier a Plazen als ‘patrimoine mondial’ auszeechent; dat och hei am Land. Datt ower d’Pizza, de Paangeg aus der Normandie, de Couscous asw. elo sollen an deer Lëscht figuréieren, ass – manéierlech gesot – zimlech dolaanscht... da melde mir eis ‘Verwurelter’an de Kachkéis och emol un. 😊

Zu Paräis geet et bei der UNESCO dann och ëm den Zoustand vun de Sproochen, an do schéngt nach kee vun de Lëtzebuenger Verrieder de Verantwortlechen ‘den Dicks gericht’ ze hunn; si gëtt souzesoen als ‘egal wat’ klasséiert... *ces jobards*, giff de franséischen Auteur Franz-Olivier Giesbert schreiwten.

Et wier dann elo mol déck Zäit, datt eis nei Ministère vun der Kultur an der Educatioun sech ouni mëssverstanen ze ginn **zu Paräis giffe ‘melden’, an zwar op dem Fong vun der legislativer Situatioun vun eiser Nationalsprooch...** wat bis elo vun eise ‘Verrieder’ nach net de Fall war.

## D’Schlusskonsonanten d/t-v/f/w

Et dierf een sech froen, **firwat mir äis orthographesch op déi däitsch Schreifweis solle fixéiere wéi den leselchen op d’Muert**, déi e vrun der Nues baumeléen huet... deemno misst jo dann den ‘Dehnungs-H’ wéi z.B. bei ‘Wahlen, fehlen, Sehnen asw. och stoe bleiwen, fir Kanner a Studenten net rabbelkappeg ze maachen. Verstand-Kudelmuddel. A vive d’Psycho-Pädagogik!

Et gëtt eng (zevill?) einfach Léisung fir dat ‘Gedéngels: **de Schlusskonsonant richt sech no EISER eventueller VERLÄNGERUNG vum Wuert:** Broud>Bréidercher – Schow>Schiewercher – Bow>Bouwen – gudd>gudden – Mudd>muddeg – léiw/léiwen – Bréiw/Bréiwen asw.

Dat kënn **op d’mannst als ‘encadréiert Lizenz’ bei eise Schreifweisregele** stoen... sou wéi een am Franséische ‘clef/clé’ asw. schreiwten dierf.